

RAPPORT 2018

JUGENDGEMENGEROT HESPER

photo: pixel8.com / design: animation



RAPPORT 2018 VUM JUGENDGEMENGEROT

Wéivill Jonker hu beim Jugendgemengerot 2018 matgewierkt ?

Am Laf vum Joer 2018 am Ganze 14 Jonker, am Ufank der 7 an op den 9 Réunionne woren zwëscht 4 an 12 Jonker.

Comité :

1. President : Stefano
2. Vizepresident(in) : Charles
3. Sekretär(in) : Cindy
4. Tresorier(iere) : Laura

De Jugendgemengerot ass u folgenden Datumen zesummekomm :

Datum	Uwiesend Memberen
27. Januar 2018	6
24. Februar 2018	7
31. Mäerz 2018	7
21. Abrëll 2018	7
19. Mee 2018	7
30. Juni 2018	4
11. Juli 2018	5
22. September 2018	5
20. Oktober 2018	12

Themen déi 2018 diskutéiert gi sinn:

- Beliichtung vun der Vëlospist
- Waasserspender am Park
- Busser
- Dreck op de Stroossen
- Falsch geparkten Autoen
- Reebou: Tauschsystem
- Helmpflicht wann ee mam Vëlo fiert
- Hondspark
- Grillplaz
- Zebrasträifen
- Online Ëmfro fir Jonker a Veräiner
- Ambiance Jardins

Aktivitéiten op deenen de Jugendgemengerot präsent wor a gehollef huet:

- Beachclub
- Betreit Wunnen
- ASBL-Fest vun der SEJH:
- Chrëschtmaart

Haaptprojet 2018:

- Spendeprojet fir Sue fir den Cent Buttek ze sammeln

Organisatoresch Initiative fir de Jugendgemengerot weiderzebréngen:

- Initiative fir u méi Jonker ze kommen
 - Internetsite-Aktualiséierung (www.jugendgemengerot.lu)
 - Pinnwand
 - Neie Flyer fir de Jugendgemengerot
 - Jugendtalk
 - Youtube Channel vum Jugendhaus
-

Themen déi vum Schäfferoot proposéiert ginn :

2018 huet de Schäfferoot zu kenge Projete vun der Gemeng den Avis vun de Jonke gefrot. Dëse Prinzip aus dem Konzept vum Jugendgemengerot misst een nach eng Kéier relancéieren an dann kinnt och erëm eng Entrevue zwëscht dem Schäfferoot an dem Jugendgemengerot stattfanne fir datt déi Jonk hir Avise virdroen a sech kënne mat de politesch Verantwortlechen austauschen.

Qualitativ Aschätzung vum Aktivitéitsjoer 2018

2018 sinn eng Rei Ännerunge beim Fonctionnement vum Jugendgemengerot probéiert ginn, déi och zäitweis ganz gutt fonctionnéiert hunn.

Mam Ben wor eng Persoun beim Jugendtreff agestallt ginn déi éischtens selwer nach ganz jonk wor an zweetens als eng vu sengen Aufgaben hat, de Jugendgemengerot z'encadréieren. Dëst huet e méi enke Suivi vum Grupp méiglech gemaach, dee 4motion virdrun „à distance“ net konnt garantéieren.

D'Aarbecht vu 4motion huet sech 2018 virun allem op d'Organisatioun vum Jugendtalk (Jugendforum) konzentréiert déi vun engem „Groupe de pilotage“ geleet ginn ass. Dëse Grupp ass aus dem Jugendtreff (Pol, Ben), dem Jugendgemengerot (Stefano), dem Schäfferoot (Romain) a 4motion (Gary) zesumme gesat gewiescht an d'Reunioune si vu 4motion preparéiert, strukturéiert an moderéiert ginn. Um Enn stung e ganz detailléiert Konzept fir de Jugendtalk am éischten Trimester 2019 z'organiséieren. 4motion huet de Jugendgemengerot och ënnerstëtzt fir en neie Flyer auszeschaffen an den Design dovunner gemaach. Et muss sech elo just nach zwëscht e puer Versiounen entscheed ginn an och decidéiert ginn ob de Flyer soll an enger Dréckerei gedréckt oder einfach soll kopéiert ginn. Wat d'Kommunikatioun ugeet, ass d'Fro nach op wéi de Jugendgemengerot kéint den Inhalt (Text a Fotoen) um Internetsite www.jugendgemengerot.lu aktualiséieren.

Beim Jugendgemengerot ass am éischten Trimester vill u konkrete Projete geschafft ginn wou am Ufank d'Zil wor fir e komplett Konzept am Detail iwwer Aarbechtsgruppen auszeschaffen fir 2 Hauptprojeten, d'Grillplaz an den Hondspark. Spéider ass dunn awer den Ëmschwong komm, och nom Feedback vum Jugendtreff an dem Jugendschäffen datt de Jugendgemengerot sech och mol esouzesoen eng Plaz an der Gemeng soll erschaffen a mat Initiativen soll eppes zur Communautéit bäidroen. Esou sollt de Jugendgemengerot och no bausse méi bekannt ginn. Aus där Zilsetzung ass dunn de Spende-projet an déi verstärkt Partizipatioun un Aktivitéiten entstan. E weidere Projet dee fir 2019 a Virbereedung wor a sollt a Kooperatioun mam Altersheim realiséiert ginn ass leider un d'Stocke komm well de Ben net méi beim Jugendtreff schafft.

Dëse Personalwiessel huet dunn och dozou gefouert datt de Jugendtalk an der leschter Ligne Droite verluecht ginn ass an datt eng nei Persoun vum Jugendtreff de Suivi vum Jugendgemengerot iwwerholl huet.